

Froën déi Dir kéint stellen:

- Wéi gesäit den Organigramm vun dëser Firma aus?
- Wat fir Zieler huet dës Firma kuerz oder méttelfristëg?
- Wat fir Entwicklungsméiglechkeeten bidd Dir mir?
- Wat fir eng Zukunft huet dës Firma?
- Wat fir Responsabilitéiten sin un dëse Posten gebonnen?
- Wou fannen ech dëse Posten am Organigramm?
- Fir wat ass dëse Poste fräi?
- Mat wéienger Leit wäert ech zësummeschaffen?
- Ass eng Formatioun Continue virgesin?
- Wéivill verdengen ech op dësem Posten?



Noom Interview

Probéiert noom Interview eng Analyse vun deene läschten 2-3 Stonnen zë maachen. Wéieng Froën konnt Dir besonnëch gudd oder manner gudd beäntweren? A wéienger Situatioun huet Dir gudd oder manner gudd reagéiert? All Interview ass ë gudden Training fir deen nächste. Wann en no 2 Woche keng Äntwert huet, kann een bei der Firma nofroën ob schon eng Décisioun gefall ass (daat weist Intérêt). Sid Iech bewosst, dass d'Léier vum Liewen nët no der 12e ophält. Et soll een sech drop astellen, e Liewe laang mussen ze léieren an sech weiderzebilden.

Et kann ee rouëg "blann" eng Demande bei eng Firma schecken. Et muss een nët onbedengt waarden, bis dëse Betrieb eng Annonce an der Zeitung huet.

Dëst Informatiounsblaat dengt dozou Iech ë besseren op desen dach wichtegen Moment an Ärem Beruffsliewen virzëbereeden. Des Informatiounen gin Iech en Ableck op daat wat op Iech zoukennt wann Dir op en Virstellungsgespréich invitéiert gidd.

Fir weider Informatiounen fannt Dir an all Librairie Bicher zum Thema "Antrett an d'Beruffsliewen".

Bonne Chance.



AMICALE LTPEM asbl
7, rue de Marche
L-2125 Luxembourg

Virstellungsgespréich

Wéi geet dat? Wat ass dat?

Opgestallt vun: Laurence SEYLER a Laurent KEMP

Aide - mémoire

Dir stitt kurz virum Ärem viraussichtlëch läschten Examen, an wäert a kurzer Zäit déi éischt Berufserfahrung sammelen. Eier een an e Betrieb opgeholl gët, muss een awer säin zukünftege Patron dovun iwwerzeegen, dass een genau déi Persoun ass, déi de Patron sicht. Des Méiglechkeet kritt een, wann een an en Interview invitéiert get. Den Interview ass eng eemooleg Chance fir an e Betrieb eranzekommen. Dofir soll en ganz sérieux préparéiert sin.

Préparatioun vum Interview

- sëch informéieren iwver d'Firma (Internet, Zeitung, Prospekter, ...)
- Probéiert virum Interview Iech selwer, Äre Charakter, Är Persoun ë besseren zë hannerfroën. Am Interview geet et ganz eleng em Är Persoun, an da sollten des Äntwerten parat leien.
- Auto-Evaluatioun: "Waat kann ech, waat wëll ech, waat si meng Zieler, meng Stärken, meng Schwächen?"

Virum Interview

- erholl an den Interview goën, nët di Nuëcht virdrun duerchfeieren,
- säin (lückenlosen) CV am Kapp hun,
- Informatiounen vun der Firma am Kapp hun, verschidde Froën préparéiert hun (jo, an engem Interview därf Dir och Froën stellen, Dir sollt der souguer stellen).

Présentatioun

- propper anständëg Kleedung (Tenue soll nët schockéieren)
- gewäsch, Hänn a Neel propper,
- Piercings fort an Tattoos wa méiglech nët siichtbar

- fir d'Meedercher:
 - keng zë déif Décolletéen,
 - keng zë kurz Mini-Jupen, nët zëvill Maquillage

Inhalt vum Interview

D'Ziel vum emgem Interview kann ee vun 2 Säite betuechten. Dem Kandidat säin Ziel ass et, fir sech an relativ kurzer Zäit sou gudd wéi méiglech ze verkaafen, seng Stärkten maximal ervirzebringen, a seng Schwächen gekonnt z'argumentéieren an ze minimiséieren. Den Interviewer säin Ziel ass et, mat minimalem Zäitopwand sou vill Kandidate wéi méiglech ze gesin an anzuschätzen. Den Interview besteet aus engem Gespréich an deem di komëscht Froë gestallt kenne gin.

Gesprächsthemen am Interview

- Formatioun vum Kandidat,
- seng Erfahrung (stage, gemeinschaftlëch Aktivitéiten, Scoutscamp préparéiert, ...),
- seng Perséinlechkeet (Wéi schätzt een sech selwer an?),
- seng Motivatioun fir dese Posten (Firwaat grad dës Firma?),
- eventuell Froën iwwer säi Privatliwien (Waat mess Du an Denger Fräizäit?).

Den Interview

- mat Zäit um Interview erschengen, nët zë fréi! , virun allem nët zë spéit!
- Dir sollt wa méiglech alleng um Interview erschengen (ouni Mamm, Frëndin oder Kolleg)
- frëndlëchen Androck, Aakontakt mam Interviewer, Frëndlëch Begréissung
- (Bonjour, mäi Numm ass ...), ee kurzen festen Hand-Shake,
- Zigarette aus, Knätsch aus dem Mond, Sonnebrëll ausdoën (Aakontakt!)
- sidd dynamësch, intresséiert a sëtzt Iech riicht op de Stull nodeems Dir dozou opgefuedert gouft,
- lauschtert no ouni zë ennerbriechen,
- dreckt Iech propper aus: ganz Sätz maachen, lues, kloer an däitlëch schwätzen, nët einfach mat jo oder nee äntwerten, d'Äntwerten sollen argumentéiert gin, stëchhaltëg a prézis sinn.
- während dem Interview nët op d'Auer kucken (dëst bedeit: "Ass ët da baal färdëg?").
- Färt nët fir vun Iech selwer z'erzielen, Dir sidd genau dofir invitéiert gin. Et soll een Iech nët all Wuert mussen aus dem Mond zéien. Probéiert entspaant zë sinn, awer nët zevill.
- Dir kënnt rouëg ë Blaat an ë Bic mat an den Interview huëlen. (Vläicht mat Notizen oder Froën un den Interviewer.)
- Stellt Iech drop an, dass en Deel vum Gespréich an enger Friemsprooch kann gefouert gin.
- Är Behauptungen am Interview sollen éierlëch a korrekt bliwen. Eng falsch Ausso, déi Iech dee Moment ka Virdeeler bringen, wärt séier als falsch identifiziéiert gin (z.B. während der Proufzäit).

Den éischten Androck vum Interviewer ass dee wichtëgsten an décidéiert iwwer de Verlaaf vum Interview.

Froën déi Dir kéint gestallt kréien:

- Fir wat hudd Dir dese Beruff geléiert?
- Wat fir eng Sproochen kënnt Dir schwätzen an eventuell schreiwen?
- Wat fir informatësch Systemer beherrscht Dir?

- Wat haalt Dir vun Ärer fréierer Schoul?
- Wat géif Äre fréiere Regent mir vun Iech erzielen?
- Wat huet d'Schoul Iech (ausser de regulären Schoulfächer) fir d'Liewe bäibruécht?
- Sid Dir schoulëschen Aktivitéiten noogaang (Schülerkomitee, Schülerzeitung, ...)?
- Fir wat hudd Dir d'Schoul gewiesselt?
- Fir wat waart Dir nët besser an der Schoul?
- Wat wësst Dir iwwer eis Firma, eis Produkter, eis Konkurrenten?
- Schafft Dir léiwer eleng oder an enger Equipe?
- Wat erwaard Dir vun Ärem zukünftëge Chef?
- Kënnt Dir ënner Drock schaffen?
- Sid Dir upassungsfähëg?
- Fir wat sollte mir Iech, Ärer Meenung no, astellen?
- Wat erwaard Dir Iech vun dësem Posten?
- Wat fir eng Pai erwaard Dir Iech fir dee Posten?
- Wat ass an Ären Aaen dee perfekten Job?
- Gesitt Dir Iech selwer als zuverlässëg?
- Kéint ëch Iech meng Kanner uvertrauen? Wéi kënnt Dir mir daat beweisen?
- Sid Dir bereet Iwwerstonnen zë maachen?
- Sid Dir bereet duërch di ganz Welt op Chantieren (Montage) zë reesen?
- Erzielt eis eppes iwwer Iech.
- Beschreiw Äre Charakter.
- Wat fir Erfahrungen hun an Ärem Liewen Äre Perséinlechkeet geprägt?
- Wéi gesäit een typëschen Daag an Ärer Fräizäit aus?
- Nennt mir 3 vun Äre Stärkten.
- Wat sin Äre Schwachpunkten?
- Sid Dir kontaktfreedeg?
- Wat mëcht Iech bësonnëch roosen?
- Wat sin Äre Zieler, kurz, mëttel oder laangfristëg? (privat a berufflech)
- Wat sin Äre Hobbien?
- Wat fir Qualitéiten kënnt Dir am beschten apprécieieren (bei anere Leit)?
- Wat fir Défauten kënnt Dir am mannsten verzeien (bei anere Leit)?
- Wat erwaard Dir Iech an Ärem Beruff, vun eisem Betrieb?
- Wat kënnt Dir fir eis maachen, waat een aneren nët och kéint fir eis maachen?
- Fir wat mengt Dir, grad an eiser Firma zëfridden zë gin?

